Réunion 6/2024

# Commune de Junglinster

## Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être

**Rapport de la réunion du 11/07/2024**

**Lieu de réunion : Reuniounssall Centre Culturel am Duerf**

**Début de la réunion :** 19h00

**Invitéeën :** Dr Axel Meinhardt

**<u>Ordre du jour :</u>**

Ordre du jour :

1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 13/06/24
2. Résumé Aktivitéiten
3. Datume fixéieren
4. Divers

No der Reunioun huet sech Kommissioun zesumme mat hirem Invitée de Film « Mommy » ugekuckt.

Fabrice Mousel
Président

Philippe Frisch
Secrétaire

Firun der Réunioun hu mer dobäussen eng Foto gemeet vum GSK Comité mam Chèque vum Relais pour la vie 2024 un d'Fondation Cancer, mam Montant vun 500.- €

## 1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 13/06/24

De Rapport vun der leschter Reunioun ass unanim ugeholl ginn.

## 2. Résumé Aktivitéiten

### Semaine santé mentale

D'Membere vun der Gesondheets a sozial Kommissioun hunn des Aarbechtsreunioun genotzt fir un dem Projet „*Filmowend*" am Kader vun der Semaine de la Santé mentale ze schaffen. En Expert aus dem Domäne, den Dr. Axel Meinhardt (Pedopsychiater, National Jugendpsychiatrie - HRS) kuckt mat eis de Film. Hien ass jo och beim Film-Owend selwer derbäi fir op Froen vun der Santé mentale ze äntwerten. Nodeems de Film „Mommy" gekuckt ginn ass huet eng oppen Diskussioun stattfonnt, an där all Member säin éischten Androck vum Film konnt matdeele.

Mir kruten vun der Gemeng Pizza'en an Gedrenks gestallt, woufir mir ganz dankbar woren.

**Conclusioun:**

De Film huet eng ganz interessant Vue op eng Famill geworf déi sech an enger nawell ganz prekärer Situatioun befënnt, an den Alldaag mat sengen Héischten an Déifften bewältege muss. De Film huet op alle Fall en Androck hannerlooss, vielleicht souguer de falschen Androck, wat onseree Gesondheets-Secteur betrëfft. Virun allem well de Film mat engem ganz Kontroversen „Enn" ophält.

No enger laanger produktiver Diskussioun, wou vill Froen och un den Dr. Meinhardt gestallt goufen, ass Kommissioun op den Entschloss komm, dëse Film dem Public net ze weisen. Dësst well de Film ze déif an d'Thema geet fir de viséierten „Grand-Public" an esou dem Optrag vun der GSK nët gerecht gett well et zevill spézialiséiert giff gin. Et gëtt schonn un enger Alternative geschafft.

### Relais pour la vie 2025

Wei an déene leschte Reuniounen ugeschwat, soll d'nächst Joer am Mäerz/Abrëll 2025 de Relais pour la vie zu Jonglënster stattfanne. Fondatioun Cancer huet heizou eng positiv Réckmeldung ginn, a geiff et als gutt Approche empfannen dësst Event och op anere Platzen ze lancéiere, ewéi just um Kierchbierg an der Coque.

En Tableau mat dem provisoreschen Oflaf an dem Budget previsionnel ass am leschte Rapport ze fannen. (Rapport 05/2024)

## 3. Datume fixéieren

Déi nächst Reunioun fënnt den 5.September statt.

## 4.Divers

**T-Shirten**

Kommissioun well bei zukünftege Projet'e mei visibel seen, an deem Kader sollen eenheetlech Poloen organiséiert ginn. Den Romain huet eis e puer flott Design-Proposen gemeet. Nodeems de Sekretär vun der GSK sech op der Gemeng iwwert eng méiglech Charte informéiert huet, kann d'Produktioun elo an engem lokale Geschäft an Optrag goe.